



FÉDÉRATION LUXEMBOURGEOISE DE HANDBALL

association sans but lucratif

F.L.H. ■ 3, route d'Arlon, L-8009 STRASSEN



Rapport Referees' Commission - 19.12.2023

Present : Frieseisen, Geib, Nesser, Simonelli, Volz, Weinzierl

Entschëllegt : Courtois, Keiffer, Kröpelin, Weber

1) **Adoptioun vum Rapport vum 09.11.2023**

2) **Maile vum HB Rumelange:**

D'FLH krut ee Mail vun engem Spiller an eng aner vum Präsidant vum HB Rumelange wéinst dem Arbitrage am Match CHEV Diekirch – HB Rumelange vum 09. Dezember 2023 (29102043). Am Mail vum Präsidant gëtt d'RefCom, mee besonnesch d'Formatioun an d'Besetzungsekip ugegraff. De Präsidant vun der RefCom huet sech där Saach ugeholl, an dem Präsidant vum HB Rumelange kloer an däitlech geäntwert.

Op d'Mail vum Spiller, déi eng Mëschung aus Bedroungen a Beleidegungen ass, a vu grousem Manktem u Reegelkenntnes nëmmen esou strotzt, geet d'RefCom net weider an.

3) **Tester Play-off:**

Tester fir de Play-off (AXA Fraen a Männer + Relegatioun Männer) sinn den 20. Januar 2024 um 09h00 um INS. Ët ass KENG aner Méiglechkeet virgesinn.

09:00 Test Luc Léger (minimum 7.5 fir Fraen-AXA an 8.1 fir Männer-AXA)

10:00 Reegeltest (minimum 80%)

*11:00 **Versammlung fir ALL Arbitter***

12:00 Schluss

4) **Stagiaire C-Arbitter:**

Vun de Stagiaire C-Arbitter hunn der 10 déi néideg Ufankstester elo gepackt, a gi fir Matcher nominéiert, soubal d'Besetzungsekip hier Disponibilitéiten huet. 4 Kandidaten hu leider d'Bengele bei d'Tromm geworf. Déi entspreichend Veräiner sinn informéiert ginn. Och krut all Veräin d'Lescht vun den Arbitter geschéckt déi nom Artikel 20 vum Code du Handball fir de Veräi gezielt ginn.



Tél : +352 48 54 74 • mail@flh.lu • www.flh.lu • www.flh-live.lu
CCPL LU24 1111 0119 5625 0000 • BIL LU90 0024 1008 3380 0000

LU  **EMBOURG**
LET'S MAKE IT HAPPEN





FÉDÉRATION LUXEMBOURGEOISE DE HANDBALL

association sans but lucratif

F.L.H. ■ 3, route d'Arlon, L-8009 STRASSEN



5) **Ofmellen nom Verschécke vun der Besetzung:**

Leider kënnt et a leschter Zeit ëmmer méi oft fir, dass Arbitter sech réischt ofmellen, no-deems d'Besetzungen erausgeschéckt goufen. Dëst bréngt eng Onmass vun Extra-Aarb-echt mat sech.

D'RefCom mécht dowéinst nach eng Kéier e Rappel, dass:

- d'Arbitter hier Datumer wou si verhënnert sinn, DIREKT eraginn – och do wou kee Championnat ass, wéinst méiglechen Turnéier,
- wann een neien Datum bekannt gött, deen och DIREKT soll matgedeelt ginn
- d'Datumer vun der Besetzung um FLH Site (<https://www.flh.lu/arbitrage/prochaines-reunions>) ze fanne sinn.
- d'RefCom déi kuerzfristeg (wann iwwerhaupt) Ofmeldungen am A behält, a wann néideg Konsequenzen zitt.
- een Arbitter kuerzfristeg verhënnert gött, direkt muss Bescheed soen. Et ass net erlaabt, dass de Partner einfach ouni info un Besetzungskommissioun de Match aleng päift.

6) **Kontroll vum SBO nom Match:**

D'RefCom wëll d'Arbitter uweisen, den SBO nom Match méi gewëssenhaft ze kontrolléieren. D'Reglementer an d'Statuten iwwerdroe ganz kloer dem Arbitter déi Responsabilitéit. Et geet hei ganz besonnesch ëm d'Strofen déi richteg agedroe MUSSE ginn.

- Eng ROUT Kaart soll als ROUT an net als BLO Kaart agedroe ginn.
- Eng 3. Zäitstrof muss virun der roudere Kaart agedroe ginn. Den SBO muss dann „HHD“ uweisen. Just „HHD“ ass eng DIREKT rout Kaart no 2 Zeitstrofen.
- Wann eppes mam SBO net richteg ass, oder net richteg geklappt huet, MUSSEN d'Arbitter eng Mail un SBO@flh.lu schécken, mat enger klenger Erklärung. Hei kann de Formular (https://www.flh.lu/fileadmin/flh/Arbitrage/FLH_Fiche_technique_D.pdf) gebraucht ginn.

7) **Uniform Arbitter:**

D'RefCom wëll d'Arbitter nach eng Kéier op de Punkt 4 vum Rapport vum 21.09.2023 opmierksam maachen. Och betount d'RefCom, dass de leschte Saz fir ALL Arbitter gëlt. (wéi dat bei IHF an EHF och de Fall ass)

4) **Tenue Arbitter AXA-League Matcher**

D'RefCom wëll all Arbitter aus der AXA-League drop hiweisen, dass si sech akzeptabel kleede sollen, wann si op d'Matcher fueren. Effektiv ginn d'Arbitter vun der Arrivée an der Hall, bis hiren Depart jugéiert, an do ass e latzegt Optrieden net grad vu Virdeel. (Tenue civil oder sportive correcte niest dem Terrain, a soubal aktiv nëmmen nach d'Saache vum Sponsor). **Während dem Match MUSS den Trikot och an der Box sinn.**

8) **Rapport CA vum 02.12.2023 – Punkt 7**

Le CA demande à la REFCOM de trouver une solution pour le prochain événement. La présence de 2 ou 3 arbitres expérimentés supplémentaires faciliterait l'encadrement pendant les matchs.

D'RefCom kuckt fir déi nächst Turnéier Arbitter, Tuteure, respektiv Deleguéeen ze schécken, brauchen dofir awer mat Zäiten de Spillplang. Och muss prioritär d'Championnat an d'Coupe besat ginn, wat dozou féiere kann, dass kee méi fir den Turnéier disponibel ass. D'RefCom wëll awer drun erënneren, dass d'Veräiner zoustänneg sinn, dass ëmmer een Tuteur bei hire „jeunes arbitres“ ass. Dëst gött leider och oft bei Championnatsmatcher vergiess.



Tél : +352 48 54 74 ■ mail@flh.lu ■ www.flh.lu ■ www.flh-live.lu
CCPL LU24 1111 0119 5625 0000 ■ BIL LU90 0024 1008 3380 0000

LU **EMBOURG**
LET'S MAKE IT HAPPEN





FÉDÉRATION LUXEMBOURGEOISE DE HANDBALL

association sans but lucratif

F.L.H. ■ 3, route d'Arlon, L-8009 STRASSEN



9) EHF Candidates & young referees

Am Moment huet d'FLH keng nei EHF Kandidaten oder Jonker fir de „young referees programm“.

10) IHF-Regel 17.5

Wann een Arbitter während engem Match wéinst enger Verletzung ausfällt, MUSS den aneren Arbitter de Match aleng weider pëffen. Et ass net erlaabt dass eng Persoun, déi aktiv oder passiv beim Match ass, d'Funktoun vum 2. Arbitter iwwerhëlt. Ass just een Arbitter ugesat, da muss de Match ofgebrach ginn.

11) Arbitter op Turnéier:

Et kommen ëmmer méi Ufroen vun de Veräiner fir Arbitter fir Turnéier ze kréien. D'Besetzungsekip mécht hiert Bescht, dësen Ufroen nozekommen, wat awer leider net ëmmer méiglech ass. Dofir gëtt an Zukunft ee generellen Appell un d'Arbitter gemaach, déi sech da fir den Turnéier melle sollen. Och sollen d'Arbitter d'Stonnen ugi, wou si fir den Turnéier disponibel wäeren. Ouni Info hëlt d'Besetzungsekip un, dass den Arbitter gewëllt ass de ganzen Dag ze pëffen.

Nächst RefCom: Dënschdes den 09. Januar 2024 um 18h30 zu Stroossen.



Tél : +352 48 54 74 • mail@flh.lu • www.flh.lu • www.flh-live.lu
CCPL LU24 1111 0119 5625 0000 • BIL LU90 0024 1008 3380 0000

LU LUXEMBOURG
LET'S MAKE IT HAPPEN

